# Firwat bleift jiddereen doheem?



E Kannerbuch
iwwer d' Pandemie.



D’ Kim kuckt aus der Fënster.

Et ass e richteg schéinen Dag.
Mee iergendeppes ass anescht.

D’ Spillplaz tëscht den Haiser ass eidel
an d’ Leit op der Strooss hu komesch
Maske virun hirem Mond.

Dem Max vun der anerer Stroossesäit seng
Mamm ass scho säit enger Zäit krank,
an dowéinst kënnt hien och net méi virun
d’ Dir fir ze spillen.

Och de Schoulhaff um Enn vun der Strooss ass eidel
an iwwerhaapt ass et immens roueg.




Dem Kim seng Mamm erkläert, dat et en neie Virus gëtt.
Dowéinst passen d‘ Leit ewell besser op.
Virun allem, wa se virun d’ Dir ginn.



Vire sinn nämlech esou kleng, dat ee se guer net gesi kann – souguer nach méi kleng ewéi Sandkären!
Dowéinst bemierke mir se guer net.

An obwuel se esou kleng sinn, gëtt een heiansdo krank dovun.
Dat geschitt net express, mee et ka virkommen – sou wéi Sand am Schong …





Wann een néitscht oder houscht, verdeele sech vill Viren an der Loft.

Aner Leit an der Géigend kënne se anootmen – an esou verbreeden sech d’ Viren.

Et ass dowéinst besser, an den Ielebou ze houschten, well da verdeelen d’ Vire sech net an der Loft an aner Leit ootmen se net an – da ka kee krank ginn.

Eng Mask virum Mond hëlleft och, d’ Viren net ze verdeelen.



Fir ganz sécher ze goen, kann een e bësse méi Ofstand vuneneen hale wéi soss. Da kënnen d' Vire guer net bis bei ee kommen!

Sech d' Hand ginn oder een an den Aarm huele geet natierlech net méi.

Dat ass schued, well wann ee sech freet, dat een ee gesäit, wëll ee sech jo an den Aarm huelen …

Mee et ka jo och Spaass maachen, sech nei, witzeg Begréissungen auszedenken!


D’ Kim iwwerleet weider: Op der Strooss kann ee jo gutt Ofstand vuneneen halen. Mee wat mécht een an den Haiser?



Gutt dat d’ Maison Relais am Moment zou ass. Sou vill Kanner an Erwuessener beieneen an engem klenge Raum … do wier et immens schwéier, Ofstand vuneneen ze halen!

Dowéinst ass och d’ Schwämm zou.

An de Kino.




An den Zoo.

All Plazen, op deenen normalerweis vill Leit beienee kommen. Wat eng Chance, dat de Supermarché nach op huet.

Do kann dem Kim seng Mamm alles kafe,
wat ee fir e schmantege Pudding brauch.
D’ Kim spillt an där Zäit Irgäertchen.



Op wéi engem Wee kënnt d’ Kim direkt bei d’ Keess,
ouni engem anere Client ze begéinen?

Doheem wäsche sech déi zwee
fir t' éischt mol d' Hänn.



Seef wäscht nämlech all d' Vire fort.

D' Kim séngt dobäi e Lidd,
da mécht et méi Spaass!


D' Hänn naass,
d' Hänn naass …



Mat propperen Hänn kënnen d'Kim a
seng Mamm eppes Schéines kachen.



Dat mécht och Spaass,
wann et engem langweileg ass!



A Pudding schmaacht
souwisou ëmmer gutt!

D’Kim ass midd a geet elo an d’Bett.
Seng Mamm liest em nach eng Geschicht vir,
fir dat d’ Kim gutt aschlofe kann.

Schlof gutt, Kim!



Firwat bleift jiddereen doheem?
1. Oplag 2020

Konzept & Produktioun:
Claus Daniel Herrmann, Illustratioun
Roman Jungblut, Redaktioun

Iwwersat vum:
Max Pesch

An Zesummenaarbecht mat:
Constanze Guelle, Erzéiungswëssenschaftlerin
Dr. Timo Lindenschmidt, Kanner- a Jugendlechertherapeut
Witold Rak, Allgemengmediziner

www.warumbleibenallezuhause.de